

# SANDWEILER Aktuell

02-2021 10.02.2021




## Stratégie Null Offall

2021 ass e neit Taxregelment fir d'Offallsgestioun a Kraaft getrueden. D'Zil ass duerch punktuell Mesuren **de perséinlech produzéierten Offall laangfristeg ze reduzéieren.** D'Broschür mat all de néidegen Informatiounen zu dësem Thema kritt dir bei eis an der Receptioun a kann op onsem Site erofgeluede ginn.

An deem Kontext wëlle mir iech drun erënneren dass eng 120 Liter Dreckskëscht fir organeschen Offall mëttlerweil **an der Basistax mat abegraff ass**. De Formular fir d'Bestellung vun der grénger Dreckskëscht ass och an der Gemeng an Online verfügbar.

## Stratégie Zéro Déchets

Un nouveau règlement de taxes pour la gestion des déchets est entré en vigueur en 2021. L'objectif est de **réduire à long terme la quantité de déchets personnels** grâce à des mesures ponctuelles. La brochure contenant toutes les informations à ce sujet est disponible auprès de notre réception et peut être téléchargée sur notre site.

Dans ce contexte, nous voulons vous rappeler qu'une poubelle pour déchets organiques de 120 litres est dorénavant **comprise dans la taxe de base**. Le formulaire de commande pour la poubelle verte est également disponible auprès de la commune et sur notre site.

## Ofgesote Manifestatiounen

Wéinst der aktueller Situatioun musse mir iech leider matdeelen, dass folgend Manifestatiounen ofgesot gi sinn:

- **Buergbrennen 21.02**
- **Generalversammlung Fanfare 23.02**

## Manifestations annulées

En raison de la situation actuelle, nous sommes au regret de vous informer que les manifestations suivantes ont été annulées :

- **Second Hand 26.02**
- **Galaconcert Fanfare 27.03**

GEMENG
SANDWEILER

18 rue Principale
L-5240 Sandweiler
Tél.: 35 97 11 - 1 • Fax: 35 79 66
www.sandweiler.lu




## Wanterdéngscht

Wéi all Wanter üblech, gëtt och dëst Joer de Wanterdéngscht vun eise Gemengenaarbechter assuréiert. Si suerge mat hirem Asaz fir är Sécherheet, egal ob dir iech zu Fouss oder mam Auto deplacéiert. **D'Asazbereetschaft ass vum 23. November 2020 bis den 23. Mäerz 2021 garantéiert**, méindes bis freides vu 8 bis 17 Auer. Zousätzlech dozou si moies vu 5 bis 8 Auer an owes vu 17 bis 20 Auer souwéi de Weekend jeeweils 2 Gemengenaarbechter op Permanence, déi schnellstméiglech reagéiere kënne wann d'Wiederkonditiounen et erfuerderlech maachen.

Gestreet ginn d'Stroossen, d'Fouss- an d'Vëlosweeër an d'Busarrêten. **Denkt drun, är Autoen sou ze parken dass de Streedéngscht laanschtkënnt.** D'Quantitéit vum Streesalz wat agesat gëtt ass an de leschte Joren op 10-12g/$m^2$ reduzéiert ginn, fir den Impakt op d'Ëmwelt esou kleng wéi méiglech ze halen. Op de Foussweeër gëtt amplaz Salz Lavagranulat agesat.

Am Sënn vum Ëmweltschutz biede mir iech, de perséinleche Gebrauch vu Streesalz **verantwortlech an de Wiederkonditiounen entspriechend** unzepassen. An deem Kontext maache mir iech och op den Artikel 16 vum „Règlement général de police" opmierksam.

## Service d'hiver

Cet hiver et comme chaque année, notre équipe communale est en charge du service d'hiver. Elle s'engage à assurer votre sécurité lors de vos déplacements, que ce soit à pied ou en voiture. **La disponibilité est garantie pour la période du 23 novembre 2020 au 23 mars 2021**, du lundi au vendredi de 8 à 17 heures. Une permanence est également assurée par 2 agents communaux le matin de 5 à 8 heures et le soir de 17 à 20 heures ainsi que le weekend afin de pouvoir agir rapidement en cas de besoin, selon les conditions météorologiques.

Le salage est effectué sur les routes, les sentiers, les pistes cyclables et les arrêts de bus. **Veillez à stationner vos voitures de façon à garantir l'accès aux véhicules de déneigement.** Ces dernières années, la quantité de sel de déneigement dispersé a été réduite à 10-12g/$m^2$ afin de minimiser l'impact environnemental. Pour les sentiers, le sel est remplacé par du granulé de lave.

Protection environnementale oblige, nous vous demandons d'utiliser le sel de déneigement **de façon responsable et adaptée aux conditions météorologiques**. Dans ce contexte, nous vous rendons également attentif à l'article 16 du Réglement général de police.

## Règlement général de police Article 16.-

Les occupants sont tenus de maintenir en état de propreté les trottoirs et rigoles se trouvant devant leurs immeubles. Au cas où la circulation est devenue dangereuse ou difficile par suite de verglas ou de chutes de neige, les occupants sont tenus de dégager suffisamment les trottoirs devant les mêmes immeubles. Ils sont obligés de faire disparaître la neige et le verglas, ou de répandre des matières de nature à empêcher les accidents. S'il y a plusieurs occupants, les obligations résultant des alinéas qui précèdent reposent sur chacun d'eux, à moins qu'elles n'aient été imposées conventionnellement à l'un d'eux ou à une tierce personne.

En l'absence de trottoirs, les occupants sont tenus de ces obligations sur une bande de un mètre de large longeant les immeubles riverains.

Pendant les gelées, il est défendu de verser de l'eau sur les trottoirs, les accotements ou toute autre partie de la voie publique.